ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Et ass nach net esou laang hir, datt d'Post Bréiwer bannent engem Dag verdeelt huet (J+1). Dee Qualitéitsstandard gëtt haut net méi agehalen. Haut ass d'Post just gehalen, Bréiwer bannent dräi Deeg zouzestellen (J+3). D'Bréifpost ass a bleift e wichtegen Zerwiss, a vill Leit si grad bei offizielle Schreiwen, un déi dacks Delaie geknäppt sinn, drop ugewisen. Dowéinst wéilt ech dës Froen un den Här Wirtschaftsminister riichten:

1. Ass et richteg, datt d'Bréifverdeelung bei der Post haut J+3 ass an datt d'Ufuerderung vu J+1 fale gelooss ginn ass?
2. Wat fir Investitiounen (no Wäert haut), wéi zum Beispill den elektroneschen Tri, waren an der Zäit néideg, fir d'Post op den deemolege J+1-Standard ze bréngen? Ass d'Post also haut technesch iwwerekippéiert, wou d'Zäit fir d'Verdeelung sech verdräifacht huet?
3. Et ass mir zougedroe ginn, datt d'Zeréckschrauwe vun der Qualitéit bei der Postverdeelung op Bedreiwe vum ILR (Institut luxembourgeois de régularisation) geschitt ass. Ass esou en Agrëff säitens vum ILR an e Beräich, deen net liberaliséiert ass, wou d'Post hire Monopol behalen huet an deen zur Zefriddenheet vun de Cliente funktionéiert huet, nach am Kader vum ILR senge Kompetenzen?
4. Ass et richteg, datt d'Post op Grond vum Zeréckschrauwe vun hirem Qualitéitsusproch an internationale Gremien, wéi zum Beispill der IPC (International Post Corporation),wou si vertrueden ass, finanziell Aboussen huet, z. B. och duerch Strofen, well d'Bréiwer net méi nom Modell J+1 ausgedeelt ginn an d'Lëtzebuerger Post domat déi Standarden net méi erfëllt, déi si garantéiert huet?

5. Wat si fir d'Joren 2016, 2017, 2018, 2019 bis elo d'finanziell Aboussen, déi d'Post op Grond vun hirem reduzéierten Zerwissstandard hat, sief dat als Strof, als Verdeierung bei den Tariffer oder als Ännerung un der Ofrechnung vun den internationale Vereinbarunge vun der IPC (IRA-E, REIMS, TD)?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**